Erklärung vun der Regierung
iwwert déi wirtschaftlech, sozial
a finanziell Lag vum Land

*Erklärung vum Här Xavier BETTEL,*
*Premierminister, Staatsminister,*
*de 5. Mee 2015 an der Chamber*

---

Déclaration du Gouvernement
sur la situation économique, sociale
et financière du pays

*Déclaration de Monsieur Xavier BETTEL,*
*Premier Ministre, Ministre d'État,*
*le 5 mai 2015 à la Chambre des Députés*

**Här President,**

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Mir sinn um richtege Wee.

Lëtzebuerg ass e Land, dat et an der Vergaangenheet ëmmer nees fäerdeg bruecht huet, sech ze erneieren, no vir ze kucken a gestäerkt aus Krisen eraus ze goen.

Dat zeechent eis aus an dat musse mer bäibehalen. Et ass haut wichteg déi richteg Decisiounen ze huelen an d'Zukunft ze preparéieren. Dat ass der Regierung hiert Haaptuleies: D'Land op muer preparéieren.

Et betrëfft eis Economie, d'Staatsfinanzen, et betrëfft eise Sozialsystem, eis Ëmwelt, d'Schoul, d'Gesellschaft an och eis Reputatioun an eist Bild no baussen.

Virun engem Joer hu mer éischt Initiativë geholl fir de Budget erëm an den Equiliber ze kréien, a leschten Hierscht gouf mam Zukunftspak en Ëmdenken declenchéiert. Mir gi méi bewosst a méi zilorientéiert mat de Souen ëm, déi eis zur Verfügung stinn a mer wëllen aus der Scholdespiral eraus. Haut ginn et éischt Unzeechen, dass dat eis och geléngt. Mir sinn um richtege Wee a mir kréien dat och vun Europäeschen Institutiounen, vun der OCDE an dem Internationale Währungsfong confirméiert.

D'Situatioun ass haut besser, ewéi nach virun engem Joer a mir hunn de Budget am Grëff. 2014 hate mer um Niveau vum Gesamtstaat en Iwwerschoss vun 289 Milliounen Euro, dat sinn 197 Milliounen, méi ewéi geplangt. Dat ass gutt, soll awer net driwwer ewechtäuschen, dass mer zejoert beim Zentralstaat ëmmer nach en Defizit haten vun iwwer 502 Milliounen Euro. Dat sinn 120 Milliounen Euro manner ewéi virgesinn, mir kommen eisem Zil den Defizit ofzebauen also méi no.

Dat läit zum engen drunn, dass d'Recettë sech besser entwéckelt hunn ewéi virausgesot, et läit awer och drun, dass mer d'Fonctionnementskäschte reduzéiert hunn.

Eng méi efficace Finanzpolitik bedeit net nëmmen manner ausginn. Et heescht d'Souen richteg anzesetzen. Dofir investéiere mir och weider an d'Zukunft vun eisem Land. D'Investissementer sinn vun 2013 op 2014 em iwwer 12% gewuess, a leeën och weider kräfteg zou. Domadder läit den Niveau vun den Investissiounen zu Lëtzebuerg wäit iwwert deem vun eisen Nopeglänner.

D'Zukunft preparéieren heescht eben net alleng spueren, et heescht virun allem richteg investéieren an et heescht och sech op nohalteg Reformen ze konzentréieren an derfir ze suergen, dass mer och déi Jonk op dat virbereeden, wat virun eis läit. D'Schoul ass hei e wichtegen, e wesentleche Faktor an dofir och en zentrale Punkt vun der Regierungspolitik. Mir brauchen eng Schoul mat Wäitsiicht, déi flexibel genuch ass fir de Spezifizitéite vun eisem Land Rechnung ze droen.

E wichtegt Signal an déi Richtung ass d'Schafe vun enger ëffentlecher Europaschoul zu Déifferdeng. Dat ass eng Offer, net nëmme fir Kanner aus Familljen, wou doheem kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt, mä och fir vill anerer, déi sech zum Beispill en vue vun engem Studium am engleschsproochege Raum wëlle preparéieren.

Am Sënn vun enger wierklecher Schoulautonomie sollen d'Lycéeë sech am Beräich vun de Sproochen en eegene Profil kënne ginn. Dat gëllt awer och fir aner Beräicher, wou Schoule sech kënnen a sollen spezialiséieren. Nächst Woch gëtt den éischte Stee geluecht fir de Klierfer Lycée, eng Schoul, déi herno ganz am Zeeche vun den neien Technologië steet.

D'Beispill vun deenen zwee Lycéeën, der Europaschoul an dem Klierfer Lycée weist, wou d'Erausfuerderunge leien: Mir brauche Konzepter an engem Land, wou verschidde Sprooche matenee musse verbonne ginn. Mir brauche Schoulen, déi den Erwaardunge vun eise Schüler an den Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart an der Diversifikatioun vun eiser Économie gerecht ginn. Den ICT-Secteur ass do ganz kloer ee Standbeen mat groussem Potential an et ass fir d'Entreprisen haut nach dacks schwéier fir forméiert Leit zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun ze fannen. Mir wëllen dat änneren a mir änneren dat.

An zwou Woche gëtt d'Stratégie *Digital for Education* presentéiert, wou eng ganz Rëtsch Initiativë geplangt sinn, fir d'Schüler méi no un de Secteur erunzeféieren awer och fir hir digital Kompetenz ze verbesseren. Et gëllt hei och Projeten auszebauen, déi et schonn haut gëtt an déi och ze valoriséieren. An de Schoulen ass den Innovatiounsgeescht nämlech ganz staark an d'Regierung wëllt dat ënnerstëtzen an encadréieren. D'Entwécklung vun eisem Schoulsystem muss vun ënnen erop wuessen an dofir schaffe mer mat alle Partner zesummen un engem Gesetz iwwert d'Schoulautonomie, dat de personellen, finanziellen a pädagogesche Kader definéiert an deem d'Schoule sech fräi kënnen entwéckelen an entfalen. De Staat muss Bildungsziler virginn, de Wee dohinner kann awer ganz ënnerschiddlech sinn – Schoulen, Schüler an Eltere sollen e Choix hu fir hiren eegene Wee ze fannen. Et sinn net all d'Kanner d'selwecht, mä se hunn awer all datselwecht Recht op déi beschtméiglech Fërderung an Ausbildung.

D'Reformen an eisem Schoulsystem gi konsequent weider gefouert a mir maachen dat zesummen. Mir brauchen de Support vun de Schüler, mä och dee vun den Elteren a vun den Enseignanten. Mir mussen eis an der Schoul op dat kënne konzentréieren, wat wierklech zielt, nämlech d'Zukunft vun deene Jonken, déi all Dag an der Schoulbänk sëtzen an op hiert spéidert Liewe virbereet ginn.

Ech si frou iwwert den Accord, deen den Educatiounsminister gëschter mat de Gewerkschafte fonnt huet. Béid Säiten hu gewisen, dass et hinnen ebe justement ëm d'Saach geet: Ëm d'Qualitéit vun der Schoul an ëm d'Zukunftschancë vun de Schülerinnen a Schüler.

Et ass an eise Schoulen, wou esouwuel d'Geschicht vu Lëtzebuerg enseignéiert ewéi och d'Zukunft geschriwwe gëtt. Bildung ass d'Fundament vun allem, wat mer haut plangen a muer erreeche wëllen. Dofir investéiert d'Regierung och massiv an d'Beräicher vun

Héichschoul a Recherche. Pro Joer si ronn 300 Milliounen Euro fir Universitéit, déi verschidde Fuerschungsinstituter an de nationale Fuerschungsfong virgesinn. Mir hu keng Rou, wann et dorëms geet Lëtzebuerg als Fuerschungsstanduert ze positionéieren. Duerch zousätzlech Effortë vun der Regierung an en Engagement an Héicht vun 140 Milliounen Euro fir den Equipement kann d'Uni Lëtzebuerg elo méi fréi ewéi geplangt, nämlech scho fir déi nächst Rentrée am Hierscht op Esch Belval ufänken. Ronn 1.700 Chercheuren, Professeren a Chargéeë kënnen da mat 2.000 Studenten neit Liewen an domadder och Kreativitéit an Exzellenz op de Site bréngen, wou Jorzéngte laang d'Héichiewe gedämpt hunn. Duerch dës Efforten ginn dernieft och 5 Milliounen Euro Loyer gespuert, déi dann direkt nees der Recherche zegutt kommen.

D'Präsenz vun der Uni an déi wäertvoll Aarbecht, déi an den nächsten Jore geleescht gëtt, ass en essentielle Punkt an de Beméiunge fir eis och economesch méi breet opzestellen. Mir wëllen derfir suergen, dass auslännesch Entreprisë Lëtzebuerg net nëmme vum Numm hir kennen, mä sech och hei implantéieren an Aarbechtsplaze schafen. Mir sinn och hei um richtege Wee fir nei Kompetenzen ze entwéckelen a weider Secteurë fir eis Economie opzebauen.

Esou si mer zum Beispill amgaangen am Domaine vun der *économie circulaire* aktiv ze ginn. An enger Zäit, wou Rohstoffer ëmmer méi rar an deier ginn an och an engem Land, wou natierlech Ressourcen éischter wéineg virkommen, ass dëst e ganz interessante Beräich. Et geet dorëms wäertvoll Elementer aus Produiten erauszefilteren déi net méi genotzt gi fir se zeréck an e Produktiounsprozess afléissen ze loossen. Et ass e gutt Beispill fir wiertschaftlech Opportunitéiten mat ekologeschen Interessen ze verbannen. Et ginn eng Partie Entreprisen, déi de Potential vun esou engem Businessmodell erkannt hunn a mir sinn amgaangen d'Viraussetzungen ze schafen, fir dass si sech zu Lëtzebuerg kënnen entwéckelen.

Den Tourismus ass en anere Beräich, wou mer eis an de leschte Méint verstäerkt drop konzentréiert hunn an och weider konzentréieren. Mir notéieren hei eng positiv Entwécklung: d'Zuel vun de Leit, déi op Lëtzebuerg reesen an och hei iwwernuechte geet an d'Luucht. Et ass en dynamesche Secteur fir d'Economie a schaaft Aarbechtsplazen, och fir Leit mat enger méi niddereger Qualifikatioun. Dat selwecht gëllt fir de Logistiksecteur, deen ëmmer méi zu engem Moteur vun der Economie gëtt. Déi al Terrainë vun der WSA zu Beetebuerg/Diddeleng sinn zu neiem Liewen erwächt an nei Entreprisen hu sech an der Tëscht hei néiergelooss. Nach gëschter Moien huet eng grouss international Gesellschaft hire centre logistique ageweit a lancéiert Aktivitéiten op iwwer 26.000 Metercarré.

Mir ënnerstëtzen d'Betriber an hire Beméiunge sech weider ze entwéckelen an ze wuessen. Dat gëllt fir déi grouss Entreprisen, awer och fir eis kleng a mëttelstänneg Betriber, déi fir den Aarbechtsmaart eng grouss Bedeitung hunn. Mam véierte "Plan PME" goufen honnerte Propositiounen zesummegedroe fir eis Kompetitivitéit ze verbesseren an déi Conclusioune ginn elo mat de Sozialpartner diskutéiert. Zil ass et eng gemeinsam Basis a gemeinsam Objektiver ze fixéieren op deene mer kënne schaffen.

Mam Dépôt vum Gesetzprojet iwwer déi vereinfacht SARL gouf e weidert wichtegt Signal gesat fir den Entrepreneursgeescht zu Lëtzebuerg unzedreiwen an d'Bürokratie ofzebauen. Fir Leit, déi de Courage hu sech selbstänneg ze maachen, a wéineg Kapital brauchen fir hier Aktivitéit gi nei Méiglechkeeten op. Si hëllefen eis Economie virunzebréngen an esou och Aarbechtsplazen ze schafen.

De Secteur vun den neien Technologien hunn ech schonn ernimmt an dat ass en anert Beispill, wou mer vill Effortë maache fir Betriber am Land ze halen, obschonns verschidde steierlech Avantagen net méi gëllen. Virun allem awer beméie mer eis fir nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze kréien an déi bestehend auszebauen. Als Medieminister hunn ech vill Kontakt mat Entreprisen zu Lëtzebuerg an am Ausland fir eis Atouten ze presentéieren. Mir hunn exzellent Argumenter mat ënnert anerem enger Konnektivitéit um héchste Niveau. Mir gesinn och, dass bei den internationalen Datenautobunnen d'Internetaktivitéit vun deenen Entreprisen, déi bei eis etabléiert sinn, extrem wiisst. Eréischt viru kuerzem hate mer um LU-CIX, der Kräizung vun eisen Datenautobunnen, e neie Rekord vum Trafic. Dat sinn Zeechen, dass mer um richtege Wee sinn an dass mer Argumenter hunn, op deene sech eis Zukunft opbaue léisst.

Wa mer wëllen, dass Betriber net nëmmen op Lëtzebuerg kommen an hei Aarbechtsplaze schafen, mä och hei bleiwen a sech wuelfillen, da gehéiert méi dozou, ewéi dat economescht Ëmfeld an e gudden Encadrement. Et ass och essentiell, dass d'Leit déi hei schaffen, sech och wuelfillen, dass net nëmmen d'Infrastrukturen op engem héijen Niveau sinn, mä och d'Liewensqualitéit. Mir brauchen e Land, dat gutt vernetzt ass, wou ee sech liicht ka bewegen a wou et "viru geet" – gesellschaftlech an awer och ganz konkret am Alldag. D'Regierung wëllt net waarden, wann et dorëms geet an d'Infrastruktur ze investéiere fir se ze erneieren an auszebauen.

Den Tram ass en zentraalt Element vum Verkéierskonzept fir dat ganzt Land a bréngt Entlaaschtung wou dës dréngend gebraucht gëtt a wou déi meeschten Aarbechtsplaze sinn an och weider kreéiert ginn. Dëse Projet ass genee am Timing. Den Tramsschapp ass amgaang fäerdeg gestallt ze ginn, de Constructeur vun de Maschinnen a Waggonen gëtt an den nächste Wochen zeréckbehal an den éischten Tram gëtt 2017 geliwwert. Am Laf vun deem Joer soll déi éischt Streck vun der Luxexpo bis bei d'rout Bréck a Betrib sinn; bis 2021 geet de Bau da virun, an Etappen, bis op d'Cloche d'Or an op de Findel. Den Tram ass kee Selbstzweck, mä en Deel vun engem Konzept a vun engem Zesummespill tëscht Bus, Zuch an Individualverkéier. Allerdéngs ass den Tram den Haaptschlëssel fir dass dat Konzept kann opgoen a fir dass eist Land sech ka weider entwéckelen. Do dernieft weist et och, dass Lëtzebuerg e modernt Land, mat enger dynamescher Haaptstad ass, wou en ecologescht an efficacet Verkéiersmëttel och d'Stadbild prägt. Et gëtt en Tram, deem zum Deel ouni Catenairë fiert, dee confortabel a sécher ass a sech gläichzäiteg an de Patrimoine vun der Stad integréiert.

Et ass domadder och en Deel vun *Nationbranding*, vun der Fro, wéi mer eis wëllen duerstellen als Land dat zukunftsorientéiert denkt an agéiert.

Bei de Beméiungen eist Bild no baussen ze fleegen a weider ze entwéckelen hu mer zanter e puer Méint en Obstacle méi ze iwwerwannen, deen ech net well kleng rieden mä hei kloer benennen. D'Affaire *Luxleaks* huet dem Image vun eisem Land geschuet an et ass e groussen Effort néideg fir de Parzeläin, dee futti geschloe gouf nees ze flécke respektiv ze ersetzen. D'Regierung mécht béides – flécken an ersetzen: Engersäits gëllt et un eiser Reputatioun ze schaffen an ze erklären, dass Lëtzebuerg Atouten huet, déi wäit iwwert d'Fiskalitéit erausginn. Op der anerer Säit gëllt et awer och ëmzedenken an eng nei, méi transparent Approche ze entwéckele bei der Besteierung vu Betriber, déi sech zu Lëtzebuerg néierloossen. Mir hunn dat ganz uewen um Ordre du Jour an am Kader vun europäeschen Initiativë iwwerhëlt Lëtzebuerg och eng Leaderpositioun. Mir wëlle virbäi sinn, wann em doréms geet Transparenz ze schafen an Abusen ofzeschafen. Mir sinn amgaangen vun de schwaarzen a groe Lëschten ze verschwannen an dat ass richteg a wichteg fir eise Finanzsecteur. Esou si mer zum Beispill 2013 nach vum Global Forum vun der OCDE als *non compliant* bezeechent gi wat den Echange vun Informatioune betrëfft. Dat war net nëmme schlecht fir eisen Image an eis Reputatioun, mä hätt och kënne bedeiten, dass Sanktiounen op Lëtzebuerg duerkomm wieren. Duerch Upassunge bei Gesetzer a Prozeduren hu mer et a kuerzer Zäit fäerdeg bruecht d'Blat ze dréinen. Mir hunn erreecht, dass Lëtzebuerg nei evaluéiert gëtt an nach dëst Joer rechne mer mat engem positive Resultat an enger neier Bewäertung.

Mir mussen dann awer och verstäerkt derfir suergen, dass eis Beméiungen am Ausland richteg erkannt, gehéiert a verstane ginn. Hei schafft d'Regierung op verschiddenen Niveauen an et gëtt dobäi eng éischter kuerzfristeg an eng méi laangfristeg an nohalteg Initiativ.

Mir hu ganz séier op d'Luxleaks Affaire reagéiert an eis nei opgestallt. *Luxembourg for Finance*, also déi Agence wou d'Regierung sech zesumme mam Finanzsecteur fir de Standuert Lëtzebuerg asetzt, gouf beoptraagt fir eng Strategie vu Präventioun a Krisekommunikatioun auszeschaffen, mat Hëllef vu baussen och fir de Schued, deen entstanen ass ze behiewen an nei Attacken ofzewieren. Mir hunn eng interministeriell Cellule geschaf, an där déi Responsabel aus verschiddene Ministären sech séier a flexibel kënne koordinéieren, fir direkt déi néideg Mesuren an d'Weeër ze leeden an esou eis Reputatioun besser ze schützen. Dës Cellule schafft elo a permanenter Coordinatioun an et sinn och éischt Konzepter ausgeschafft ginn, wéi mer eisen Image kënne verbesseren. Wuelverstan geet dat nëmmen, wa mer och de Wee vun der Transparenz konsequent weiderginn. Image a Fong mussen iwwerteneen stëmmen. Mir kënnen nëmme positiv kommunizéieren, wa mer och positiv handelen.

Dernieft ass et awer virun allem d'Initiativ vum Nation Branding duerch déi mer méi nohalteg un enger Definitioun schaffen, wat eis Land ausmécht, wat eis staark mécht an och wat eis vun anere Länner ënnerscheet. Mir hunn hei keng Zäit verluer an et ass eng breed Consultatioun gemaach gi fir de Profil an domadder d'Qualitéitë vu Lëtzebuerg méi däitlech erauszeschielen. Et goufe Sondagë realiséiert bei Résidenten a bei Frontalieren an et gouf eng Internetplattform ageriicht, wou ee konnt Suggestiounë maachen. Iwwer 200 Leit aus Wirtschaft, Politik, Kultur an Zivilgesellschaft hu bei Workshops matgemaach an den Ament

ginn déi verschidde Bäitreeg verschafft. Mir sinn elo amgaangen éischt Pisten erauszefilteren an ze definéieren, wat eis verbënnt, wat eis identifizéiert a scho muer ginn déi éischt Conclusiounen och presentéiert.

**Här President,**

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Och wat d'Aarbecht un eisem Image an eiser Reputatioun betrëfft si mer also um richtege Wee.

Eis Marque musse mer nach bestëmmen, wat eis ausmécht ass awer fest definéiert.

Mir hunn eis eege Sprooch, eng dynamesch Sprooch. Mir hunn eis lieweg Identitéit, eis Kultur, eng eege Geschicht an eng Zukunft.

Mir si fräi, souverän, onofhängeg an domat och verantwortlech fir eis selwer.

Déi Fräiheet selwer bestëmmen ze kënnen, wéi mer eis Zukunft gestalten, war an eiser Geschicht méi ewéi eng Kéier a Gefor.

Dëst Joer denke mer zeréck un eng Zäit, an där Lëtzebuerg seng Fräiheet ewech geholl krut, mä mat der Hëllef vun den Alliéierten nees zeréck eruewere konnt. No schwéiere Jore vun der Occupatioun, no enger laanger Period vun Ënnerdréckung a Misär, Verzicht a Verloscht gouf de Grand-Duché viru 70 Joer nees onofhängeg. Et war eng Zäit, an där vill Lëtzebuerger bewisen hunn, wat Courage wierklech bedeit. Mir denken zeréck un e Moment, wou d'Land nei opgebaut gouf, sech huet missen nei orientéieren a positionéieren. Mir denken och zeréck un eng Zäit, an där et sech gewisen huet, dass Lëtzebuerg e staarkt Land, eng staark Natioun mat ville staarke Fraen a Männer ass.

Eis Fräiheet an eis Onofhängegkeet verdanke mer dëse staarke Fraen a Männer. Et ware couragéiert Lëtzebuerger, déi aktiv gekämpft a sech gewiert hunn. Et gouf eng däitlech a kloer Resistenz géint en onmënschleche Regime. Dorop solle mer houfreg sinn an dofir solle mer dankbar sinn.

Et geet awer net duer haut Merci ze soe fir sech dann auszerouen op deem wat déi Generatioune virun eis geleescht hunn. Zu der Ierfschaft vun der Fräiheet an der Eegestännegkeet gehéiert och eng Verantwortung – eng Verantwortung vis-à-vis vun eis selwer a vis-à-vis vun eise Kanner.

Esou ass et eis Responsabilitéit haut derfir ze suergen, dass déi traumatesch Zäit vun deemools sech net widderhëlt. D'Erënnerung un d'Liberatioun ass och d'Erënnerung un d'Occupatioun, un dat Gefill vun Ënnerdréckung an Machtlosegkeet vis-à-vis vun engem Regime, dee fir onvirstellbare Misär steet. Et ware Mënschen, déi aner Mënsche systematesch gefoltert an ëmbruecht hunn. Esou e Crime vu Mënschen un der Mënschheet

dierf sech net widderhuelen an dofir ass et wichteg d'Erënnerung waakreg ze halen. Et ass och wichteg sech auserneenzesetze mat där schwéierer Zäit vun eiser Vergaangenheet a Luucht an déi méi däischter Ecke vun der Lëtzebuerger Geschicht ze bréngen. Dat si mer eis selwer schëlleg, dat si mer awer besonnesch den Affer vun deemools schëlleg.

D'Regierung ass sech där Verantwortung ganz bewosst an ech si frou, dass d'Chamber decidéiert ass matzegoe fir opzeschaffen, wat et opzeschaffe gëllt.

De Rapport vum Vincent Artuso iwwert d'Roll vun der Verwaltungskommissioun während dem Zweete Weltkrich ass e wichtege Schrëtt, awer ganz bestëmmt net déi definitiv Äntwert. Mir musse weider Froe stellen an no Äntwerte siche fir e méi komplett Bild ze kréie vun deem wat deemools geschitt – a wat net geschitt ass. Duerch dës Recherche an duerch eng fundéiert Aarbecht op Dokumenter, déi bis haut gerout hunn, kritt och d'Erënnerung un deemools méi en héije Stellewäert.

D'Regierung wëllt d'Opschaffe vun eiser Geschicht virubréngen – och fir deene Jonken ze weisen, dass ee Katastrophë matzäite muss erkennen, fir se kënnen ze evitéieren.

Nom Rapport Artuso wäerte mer och de Rapport iwwert d'Comptes dormants kënne presentéieren a mir envisagéieren e komplementäre Rapport iwwert d'Spoliatioun vun de *biens juifs* an Optrag ze ginn.

D'Erënnerung ass wichteg an et ass och wichteg, dass d'Sech-Erënneren e permanente Prozess bleift a net nëmmen en Evenement, wa grad e ronnen Datum d'Commemoratioun bestëmmt. D'Aarbecht fir d'Erënnerung waakreg ze halen ass also e kontinuéierlechen Effort a muss en Deel vun eisem Denken a Fillen, en Deel vun eis selwer ginn. Fir dass dat geschitt, wëlle mir déi verschidden Initiativen a Comitéen, déi d 'Erënnerung solle waakreg halen an engem eenzege staarke Comité vun der Mémoire zesummeféieren. D'Gespréicher an d'Consultatiounë sinn den Ament amgaangen, et existéiert och en Avant-Projet de loi. Mir wëllen dëse Prozess nach dëst Joer ofschléissen. Dat selwecht gëllt fir en anere Projet deen am Regierungsprogramm annoncéiert gouf a wou mer e gutt Stéck viru komm sinn, nämlech den Institut fir Zäitgeschicht. Hei sollen och Ressourcen aus verschiddenen existenten Instituter zesummegefouert ginn. Mir sinn an der Schlussphase vun de Preparatiounsaarbechten an de Projet gëtt an den nächste Méint presentéiert. Et steet awer scho fest, dass mer derfir suerge wëllen, dass deen Institut déi néideg Onofhängegkeet kritt, déi e brauch fir senger Missioun kënne gerecht ze ginn – fir objektiv, kritesch an no wëssenschaftleche Kritären ze schaffen. Dofir soll den nei geschafenen Institut och am akademeschen Ëmfeld vun der Uni ugesidelt ginn. Hei kann den Echange tëscht de Chercheuren optimal organiséiert ginn an et kann ee vu gemeinsame Strukturen a Stäerkte profitéieren. Et ass eis wichteg, dass den Institut fir Zäitgeschicht eng ganz visibel Plaz kritt an et soll och derfir gesuergt ginn, dass d'Fuerschungsresultater an de Beräich vun der Educatioun kënnen afléissen.

D'Erënnerung soll sech awer net nëmmen op eis eege Geschicht limitéieren a se soll virun allem och net alleng op d'Jore vum Zweete Weltkrich begrenzt sinn. Virun engem Joer huet d'Regierung decidéiert e Projet vun enger Ausstellung iwwert den Éischte Weltkrich op Äis ze leeën an ënnert där Form net ze realiséieren. An der Tëscht hu mer mat der Uni en neie Projet ausgeschafft, dee méi wäit geet a wou och d'Resultater vun der Recherche aus dem initialen Optrag integréiert ginn. Eist Zil ass et eng attraktiv Expositioun iwwert den Éischte Weltkrich ze realiséieren, déi net op e Muséesgebai beschränkt ass. Et ass eng digital Ausstellung, déi interaktiv an dynamesch ass. Dësen neie Projet kann esou e méi breede Public erreechen – also och iwwert d'Grenze vum Grand-Duché eraus wierken. Et ass e Projet de Recherche, deen och e staarke pädagogesche Charakter huet a vun de Schoulen soll kënne genotzt ginn – zu Lëtzebuerg awer och an der Grenzregioun.

Mir wëllen eis Geschicht grad ewéi och eisen historeschen a kulturelle Patrimoine mat Respekt behandele fir dass och déi, déi no eis kommen hir Conclusiounë kënnen zéien. An deem Sënn ass et och wichteg d'Archiven ze valoriséieren an deem Material, wat den Ament a Këschten a Regaler rouht déi néideg Unerkennung ze ginn. En Archivgesetz ass dofir an der Ausaarbechtung a gëtt an de nächsten Méint finaliséiert. Zil ass et e legale Kader a kloer Regelen ze schafe fir den Ëmgang mat offizielle staatlechen Dokumenter. D'Numerisatioun an d'Digitaliséierung sinn dobäi en zentraalt Element a sollen och an deem Gesetz berücksichtegt ginn.

**Här President,**

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Eis Vergaangenheet bestëmmt eis Zukunft an déi lescht Jorzéngten hunn d'Charakterzich vun eisem Land kloer gezeechent a gefestegt. Mir sinn e Land, dat sech duerch seng Upassungsfäegkeet auszeechent, dat nëmme Bestand konnt hunn, well et bereet war sech unzepassen. Mir hunn als Land iwwerlieft a Wuelstand opgebaut, well mir keng Angscht hate virun der Erneierung. Mir sinn e Land gi vu Méisproochegkeet a vun Diversitéit. Mir si bekannt derfir Bręcken ze bauen – Brécken tëscht eisen Noperen a Brécken tëscht de Kulturen. Dat ass en enormen Atout an dee solle mer héich halen.

Et gëllt weider zesummen derfir ze suergen, dass mer net aus den Aen verléieren, wat eis ausmécht. Mat der Aarbecht un enger neier Verfassung, hu mer och d'Geleeënheet fir eis Gedanken ze maachen iwwert d'Fro, wéi eis Gesellschaft an Zukunft soll ausgesinn. D'Regierung ass der Meenung, dass dee Prozess net soll laanscht de Bierger goen, mä dass mer all zesummen iwwer wichteg Froe vun eiser Constitutioun sollen nodenken, diskutéieren an decidéieren.

An engem Mount soen d'Lëtzebuerger hir Meenung op dräi zentrale Froe vun eisem Zesummeliewen an der Organisatioun vun Decisiounsprozesser. Dat demokratescht Recht fir sech via Referendum ze äusseren, huet keng wierklech Traditioun hei am Land. Mir sinn awer der Meenung, dass et vun dësem Joer un regelméisseg soll applizéiert ginn. Eng

Regierung soll seng Bierger ëm hier Meenung froen an d'Leit verstäerkt abannen bei Entscheedungen, déi si betreffen. An dofir muss och d'Resultat vum Referendum bindend sinn a respektéiert ginn.

Déi dräi Koalitiounsparteie sti fir e Modell vun enger inklusiver Demokratie, wou net laanscht, mä mam Bierger decidéiert gëtt. Dofir ass de Referendum net nëmmen op deenen dräi Froen, mä och schonn alleng als Outil u sech en Zeechen, dass mer et eescht menge wann et heescht op d'Bierger ze lauschteren a si ëm hir Meenung ze froen.

Mir sinn awer och der Meenung, dass déi Partizipatioun sech net alleng op déi Leit beschränken däerf, déi e Lëtzebuerger Pass hunn, mä och fir déi muss gëllen, déi hei liewen, schaffen a wunnen. Duerch en Awunnerwahlrecht verléieren d'Lëtzebuerger näischt, si kréie kee Recht ewechgeholl an hir Stëmm gëtt net méi lues doduercher, dass och méi Leit matschwätzen.

Kaum en anert Land op der Welt huet esou en héijen Undeel u Leit bei sech liewen, déi eng aner Nationalitéit hunn – mir sinn op deem Punkt eenzegaarteg an net vergläichbar. Et ass eng Chance fir Lëtzebuerg sech als dat Land ervir ze doen, dat sech net nëmmen duerch Diversitéit a Méisproochegkeet auszeechent, mä als dat Land, wou Leit mat enger anerer Nationalitéit och wëllkomm an invitéiert sinn deelzehuelen. Lëtzebuerg kann e Referenzland an Europa ginn, wann et dorëms geet déi Leit ze integréieren, déi bei eis komme fir hei ze schaffen an hir Steieren ze bezuelen, déi hir Kanner hei erzéien a sech um kulturelle Liewen bedeelegen. Mir kënnen eis en Atout op de Fändel schreiwen, deen eis och als Wirtschaftsstanduert héich ugerechent gëtt. Et wier en Atout deen eis ënnerscheet vun anere Länner, déi och gutt a vill Argumenter hu fir Betriber ze iwwerzeegen ze investéieren an Aarbechtsplaze bei sech ze schafen.

Dernieft féiert esou e Modell awer derzou, dass mer eis all zesummen engagéiere fir eis Zukunft, an dass Auslänner, déi eng laang Zäit bei eis liewen, sech och méi kloer an eendeiteg fir eist Land engagéieren. Si kënne sech asetze fir dat Land wou se net nëmme liewen, mä wou se och kënne mat bestëmmen. D'Koalitiounsparteie maache sech staark fir en aktivt Wahlrecht, dat lassgekoppelt ass vun der Nationalitéit. Fir gewielt ze ginn, fir Gesetzer ze maachen an ze executéieren, muss een awer och weiderhin déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Fir déi Leit awer ze wielen, déi d'Interêtë vun de Bierger an der Chamber vertrieden, soll een net mussen Lëtzebuerger sinn, mä sech als Deel vun eisem Land spieren a weisen, dass ee sech wëllt engagéieren. Duerch déi duebel Konditioun vun enger Residenz vun op d'mannst 10 Joer an der Partizipatioun bei Gemengen-, respektiv Europawahlen, limitéiert dat Wahlrecht sech op déi Awunner, déi scho gewisen hunn, dass se net nëmme bei eis wëllen op Besuch, mä en Deel vun eis sinn.

Et ass awer net nëmme wichteg déi Awunner, déi schonn eng laang Zäit am Land liewen a sech fir déi politesch Prozesser hei interesséiere matzehuele wann et dorëms geet Entscheedungen ze huelen, méi generell soll méi breet diskutéiert an dann och decidéiert ginn. Mir sinn der Meenung, dass déi Jonk solle matagebonne ginn a sech ugesprach fillen,

wann iwwert hir Zukunft bestëmmt gëtt. D'Wahlrecht vu 16 Joer un ass an deem Sënn en Element vun Demokratiepädagogik. Mir sollen alles derfir maachen, dass d'Leit sech ugesprach fille vu politesche Froen an déi Jonk sollen duerfir d'Méiglechkeet kréie matzebestëmmen. D'Regierungsparteie sti fir e Wahlrecht fir déi Jugendlech, déi wëlle matbestëmmen. Och doduercher, dass Jonker mat 16 Joer matschwätzen, verléieren déi iwwer 18 net u Gehéier – am Géigendeel, se hunn esou méi Leit déi hinnen nolauschteren.

Et ass falsch ze mengen, déi Jonk géifen dat guer net wëllen an et wier keen drun interesséiert. Ech war an de leschte Méint e puer Mol an d'Schoule mat deene Jonken diskutéieren, ech hu regelméissege Kontakt mat der Jugendkonferenz a mat zum Deel ganz jonke Leit déi sech aktiv am Jugendparlament engagéieren. Ech hu Schüler a Studenten erlieft, déi mat gudden Argumenter, mat Intelligenz, mat vill Energie an och mat Sachkompetenz argumentéieren. Et ass hinnen net egal, wat ronderëm si geschitt a si sinn duerchaus capabel mat hire méi grousse Geschwëster, mat Elteren a Grousselteren iwwert d'Aktualitéit ze diskutéieren a fir hir Meenung anzestoen.

Duerch nei Medien an duerch eng méi interaktiv a multimedial Berichterstattung hunn déi Jonk permanent Zougang zu Informatiounen. Dat huet den Avantage, dass am Schoulhaff haut méi ewéi jee iwwer Aktualitéitsthemen diskutéiert gëtt. Et stellt eis awer och viru nei Erausfuerderungen, wat d'Educatioun betrëfft. Informatioune verstoen an analyséiere kënne si Grondviraussetzung, wann ee sech wëllt eng eege Meenung bilden. Mir wëlle Bierger, déi opgekläert a responsabel sinn an eben och eng eege Meenung hunn. Si solle Selbstvertrauen entwéckelen an och net blannemännerches gleewen, wat si vun alle Säiten zerwéiert kréien. Dat ass och am Kontext vun der Lutte géint Fanatismus an Extremismus en enorm wichtegen a wäertvollen Effort. Duerfir schafft d'Regierung den Ament um Konzept vun engem Zentrum fir politesch Bildung. Hei sollen déi verschidden Acteuren zesummeschaffen an hiren Engagement coordinéieren. Esou eng Institutioun, wéi et se am Ausland scho ganz dacks gëtt, ass fir Lëtzebuerg en neien Terrain a si soll dann och déi néideg finanziell an organisatoresch Moyenë kréie fir optimal kënnen ze fonctionnéieren.

Eng Demokratie brauch Partizipatioun an eng modern Demokratie brauch och eng permanent Erneierung fir sech kënne weider ze entwéckelen. D'Bierger solle sech net nëmmen interesséiere fir hiert Ëmfeld an d'Zukunft vun deem Land an deem se liewen, se sollen och verstäerkt derzou opgefuerdert ginn an d'Méiglechkeet kréie selwer matzegestalten. Déi dräi Parteie vun der Koalitioun plaidéieren duerfir och fir eng zäitlech Mandatsbegrenzung op Regierungsniveau. Esou eng Regelung huet eng Signalwierkung fir déi ganz politesch Landschaft hei zu Lëtzebuerg. Natierlech mécht dat e gewëssenen Drock op politesch Parteien an et féiert derzou, dass och op deem Niveau anescht iwwerluecht muss ginn. Dat gëllt zum Beispill, wann et dorëms geet déi eege Strukture vun de Parteien ze organiséieren a sech personell opzestellen. Esou eng nei Regelung féiert dann och ganz konkret derzou, dass d'Leit méi Chancë gesi fir hir Iddië kënnen ze verwierklechen, wa si sech politesch engagéieren. Et geet net ëm d'Fro, ob ee Politiker no 10 Joer an der Regierung net méi am Stand oder automatesch net méi motivéiert ass fir sech mat aller Energie op seng Aarbecht ze konzentréieren. Et geet ëm d'Tatsaach, dass duerch ze laang Mandatszäiten eng generell

Progressioun an domadder och eng Erneierung méi schwéier gemaach gëtt. Duerch eng Limitatioun vun der Mandatsdauer suerge mer derfir, dass op alle Niveauë vun enger partizipativer Demokratie méiglechst vill Iddië kënnen erafléissen an déi bescht Initiativen och duerch Verantwortung an enger Regierung kënnen ëmgesat ginn.

Erlaabt mer hei eng Parallel ze zéien zu der decidéierter Approche vun der Regierung, wann et drëms geet d'Ongläichheet tëscht Mann a Fra am politesche Prozess ofzeschafen. D'Regierung wëllt nach dëst Joer e Gesetz presentéiere fir méi Chancëgläichheet bei der Besetzung vun de Kandidatelëschte bei politesche Wahlen. Esou envisagéiere mer eng Regelung mat där iwwert d'Parteiefinanzéierung Mesurë geholl ginn zu Gonschte vun deenen, déi méiglechst paritéitesch Lëschten deposéieren. Dat féiert sécher net derzou, dass vun haut op muer d'Chamber paritéitesch besat wier. Et féiert awer derzou, dass d'Parteien anescht iwwerleeën a sech méi anzesetzen fir d'Gläichbedeelegung. Et encouragéiert d'Frae sech méi staark ewéi bis elo ze engagéieren an dat ass gutt fir eis Demokratie. Wéi bei der Mandatsbegrenzung brauche mer haut esou en Ustouss fir dass mer muer méi repräsentativ a méi no beim Bierger  sinn.

Partizipatioun heescht net nëmme mat gestalten, mä och kënnen novollzéien, suivéieren an nopréife wat um politeschen an administrativen Niveau geschitt. Ech hunn dofir de Mëtteg hei an der Chamber en neit Gesetz iwwert den *Accès à l'information* déposéiert. Et ass dat en neien Text, deen de Projet vun der viregter Regierung ersetzt. Mir proposéieren eng ganz nei Approche vis-à-vis vum Bierger a mir ginn op de Wee, wou d'Leit net fir d'éischt mussen eng Demande maachen an nofroe fir Informatiounen ze kréien, mä mir offréieren online eng breet Panoplie vun Informatiounen, déi permanent fräi verfügbar sinn a kënnen ofgeruff ginn. Op deem Punkt gëtt et eng däitlech Iwwerschneidung mat engem anere Gesetzprojet, deen och déi viregt Woch de Regierungsrot passéiert huet, nämlech deen iwwert d'Reutilisatioun vun ëffentlechen Donnéeën. Et geet em d'Iddi vum *Open Governement*, wou mer e System aféieren, fir allméiglech Daten digital ze verschaffen an op engem speziell dediéierte Site accessibel ze maachen.

Et geet eis dorëms de Bierger an och de Betriber hei am Land op eng méiglechst einfach an onkompliz éiert Art a Weis en Zougang ze ginn zu Informatiounen, déi si direkt oder indirekt betreffen. Et ass eng nei Politik an en zentraalt Element vun engem modernen an transparente Staat. D'Regierung setzt heimat en zentraalt Element vum Regierungsprogramm ëm a mir ginn op de Wee fir Hürden ofzebauen déi haut tëscht dem Staat a senge Bierger existéieren.

Do dernieft soll awer och de véierte Pouvoir an enger Demokratie, déi fräi an onofhängeg Presse net alleng op esou e gesetzleche Kader ugewise si fir hir alldeeglech Aarbecht optimal kënnen ze maachen. Nieft deenen Initiativen, déi d'Regierung scho geholl huet fir d'Demandë vun der Presse besser kënnen ze beäntweren, wëlle mir och konkret d'Relatioun tëscht de Verwaltungen an de Pressevertrieder verbesseren. An deem Sënn gëtt de *Service Information et Presse* an den nächste Méint reforméiert. Zil ass et an all Ministär kompeten, disponibel a responsabel Uspriechpartner fir d'Presse ze hunn. Hier Missioun ass et der

Presse zur Verfügung ze stoen an all déi Informatiounen déi kënne kommunizéiert ginn, och wierklech matzedeelen.

Et gehéiert zu der neier Definitioun vun eisem Land, dass mer eis opmaachen. Dat bedeit, dass déi  déck Schlässer, déi sou laang d'Diere vun der Transparenz zougespaart hunn, opgebrach ginn. Mir hunn näischt ze verstoppen, weder als Politik, nach als Land insgesamt. Mir kënnen eis haut houfreg, selbstbewosst a couragéiert opmaachen a fir eis Iddien an Iwwerzeegungen astoen. Mir musse soen, wat mir maachen a maachen, wat mir soen. Mir si staark, wou mer mat aneren zesummeschaffen, wou mer Médiateur sinn, wou mer Brécke schloe mat eise Partner, mat eisen Noperen a mat Akteuren aus der ganzer Welt.

**Här President,**

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Den 1. Juli fänkt eng Period un, wou mer déi Stäerkte ganz besonnesch kënnen ervir hiewen, wou mer beweisen, dass mer kënnen Brécken schloen. Mat der Lëtzebuerger Présidence vun der Europäescher Unioun ginn d'Spotten op eis geriicht. Mir hunn eng grouss Responsabilitéit awer och eng eemoleg Méiglechkeet fir ze iwwerzeegen a fir ze gestalten.

Mir hunn eis kloer Ziler fir déi 6 Méint tëscht Juli an Dezember gesat: Mir wëllen eng Présidence fir d'Bierger, fir d'Croissance a fir den Investissement, fir d'Innovatioun an déi nohalteg Entwécklung.

D'Leit, déi an deenen 28 Memberlänner liewen, déi iwwer 500 Milliounen Europäer sollen an den Zentrum réckelen. Mir kënnen eis net weider erlaben Interêt an Ënnerstëtzung vun de Leit ze verléieren, mä mir mussen all eis Energie drop konzentréieren nees méi Vertrauen an deen eemolege Friddensprojet ze kréien, dee virun iwwer 60 Joer mat Lëtzebuerger Bedeelegung ugefaang huet. Mir hunn als Grënnungsmember vun der EU e spezielle Rôle, wann et em d'Wäerter geet, déi eis alleguerte matenee verbannen. Déi Acquisë mussen an de Virdergrond réckelen a mir wëllen och vun den nächste 6 Méint profitéiere fir de Leit nees d'Sécherheet ze ginn, dass d'Europäesch Unioun en enorme Fortschrëtt ass. Mir hunn deem Projet vun enger Staategemeischaft net nëmme Fräiheet a Fridden ze verdanken, mä och Schutz, Sécherheet a Rechter.

Et gëllt awer och ville Leit nees Hoffnung ze ginn, Perspektivë fir eng besser Zukunft. Mir brauchen dofir eng Relance vun der Wirtschaft an eng Relance um Aarbechtsmaart. D'Lutte géint de Chômage ass dofir och ee vun den Haaptdefien. Aarbechtslosegkeet bekämpfe geet nëmmen doduercher, dass Projetë séier ëmgesat ginn, andeems mer Investissementer erméiglechen a Blocagen ophiewen, ouni dobäi eis Ëmwelt op d'Spill ze setzen a Grondprinzipië vun der sozialer Kohäsioun a Gefor ze bréngen.

Op economeschem Plang fällt d'Ëmsetze vun der "Roadmap" fir déi industriell Kompetitivitéit an eis Présidence. Mir kréie ganz nei Diskussiounen iwwert d'Notze vun natierleche Ressourcen, et ginn eenzel Aktiounspläng fir Secteuren ewéi dee vun der

Stolindustrie, wou Lëtzebuerg eng aktiv Roll ze spille kritt fir déi europäesch Kompetitivitéit ze stäerken. Mir hunn aner Chantieren, ewéi de Finanzement vun de PMEën, d'Weiderbrénge vun der Recherche an der Innovatioun an Europa, notamment de Programm "Horizon 2020" iwwert deen Innovatiounsprojetë solle finanzéiert ginn. Mir schwätzen an den nächste Méint dann och verstäerkt iwwert de Secteur vun der *industrie spatiale*, wou Lëtzebuerg als Land mat enger eemoleger Geschicht am Beräich vun der Satellitenindustrie eng dreiwend Kraaft ka sinn.

Op sozialem Plang geet et déi nächst Méint doréms d'Grief déi an de leschte Joeren op ville Plazen entstane sinn, nees progressiv zouzeschéдden. Mir ënnerstëtzen dobäi d'Iddi vun der Kommissioun derfir ze suergen, dass Europa en "Triple A social" kritt a behält. Mir sti virun der Erausfuerderung den Iwwergang tëscht Schoul a Beruffsliewen an der EU ze verbesseren an den Accès fir Jonker op den Aarbechtsmaart ze vereinfachen. De sozialen Dumping muss an der Europäescher Unioun méi decidéiert bekämpft ginn an hei kënne mer duerch eis Initiativen an Experienzen am Kader vum Benelux eng konstruktiv Roll spillen.

Lëtzebuerg mécht sech och staark derfir, dass d'Kommissioun an den nächste Méint eng ëffentlech Konferenz iwwert dat transatlantescht Handelsofkommes, den TTIP soll organiséieren. Mir wëlle gär den nationale Vertrieder vu Gewerkschaften, Entreprisen an Zivilgesellschaft d'Méiglechkeet gi sech iwwert dëse geplangten Accord auszetauschen. Den TTIP muss eraus aus der Donkelkammer fir méi breet kënnen diskutéiert ze ginn.

Schliisslech hu mer dann awer och eng grouss Verantwortung an der Klimapolitik. An eiser Présidence ass d'COP21 zu Paräis, d'UN-Klimakonferenz, bei där d'Erwaardunge ganz héich sinn – ganz héich musse sinn. Et geet doréms nei Ziler fir eng nohalteg Entwécklung no 2015 ze definéieren. Dat kënnen dann och nëmme gemeinsam Ziler sinn hannert deenen esou wuel d'Industrienatiounen, wéi och d'Entwécklungslänner stinn. Mir hunn hei eng enorm schwéier awer och enorm wichteg Aufgab innerhalb vun der Europäescher Unioun, déi mer zu Paräis vertrieden. Zesumme mat der Kommissioun a mam Parlament gëtt schon zanter Méint intensiv dru geschafft fir am Dezember e kohärenten an ambitiéisen Engagement ze erreechen.

Nieft dëser fixéierter Agenda vun eiser Présidence bestëmmen Aktualitéitssujeten eis Aarbecht an den nächste 6 Méint an do ginn d'Flüchtlingspolitik an d'Flüchtlingsproblematik ganz bestëmmt en Thema, wou Lëtzebuerg als Présidence gefuerdert gëtt. Et gëtt haut vill akut Krisen op der Welt, an et gëtt Millioune Mënschen, déi no deene grujelechsten Experienzë fortlafen, hir Heemecht musse verloossen oder fort ginn an der Hoffnung op eng besser Zukunft an dobäi dacks hiert Liewen op d'Spill setzen. Mir wëllen net fortlafe virun der Verantwortung an eis preparéiere fir och Leit bei eis opzehuelen, déi Hëllef an Ënnerstëtzung brauchen. Dat ass keng Aufgab alleng vun der Regierung – et ass eng national Aufgab an ech freeë mech, dass d'Gemengen eng grondsätzlech Bereetschaft weisen och hiren Deel ze iwwerhuelen. Gläichzäiteg schaffe mer och verstäerkt präventiv an droen eisen Deel derzou bäi fir deene Leit bei sech doheem nees nei Perspektiven ze ginn. Mir hale fest

un eisen ambitiéisen Ziler an der Cooperatiounspolitik a wëlle mat där Astellung och eis international Partner iwwerzeegen do ze hëllefen, wou Hëllef dréngend gebraucht gëtt.

**Här President,**

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Mir hunn déi nächst Méint vill Aarbecht op europäeschem Plang – an awer hu mer national keng Zäit ze verléieren a wichteg Projeten op der Lee, déi mer wëllen ëmsetzen. D'Regierung ass ugetruede mam Zil d'Land ze reforméieren, ze moderniséieren, op d'Zukunft virzebereeden. Dat maache mer weider an dës Reformë kënnen och net waarden.

Mir hunn am Kader vun eise rezente Gespréicher mat de Sozialpartner en Accord fonnt iwwert eng Reform vum Congé parental an dee Projet ass an der Tëscht och hei an der zoustänneger Chamberkommissioun presentéiert ginn.

D'Regierung wëllt d'Familljе stäerken an den Elteren erlabe Beruff a Famill méi einfach mateneen ze verbannen. Mir wëllen e Modell ënnerstëtzen, deen d'Fraen net benodeelegt an dee kee vun den Elterendeeler forcéiert seng Aarbecht komplett opzegi fir kënnen eng länger Zäit doheem ze sinn. D'Regierung stellt d'Kanner an de Mëttelpunkt andeems mer den Elteren d'Decisioun méi einfach maachen esou vill ewéi méiglech Zäit mat hinnen ze verbréngen.

Mat de Reformen, déi mer elo uviséieren, maache mer de Congé parental méi attraktiv fir Leit mat engem mëttleren Akommes, mä mir erlaben awer och deenen, déi nëmmen Deelzäit kënne schaffen oder méi Patronen hunn, vun dëser Ënnerstëtzung ze profitéieren. Dat ass a ville Fäll eng direkt Hëllef fir déi Elterendeeler, déi alleng mat hire Kanner sinn a sech net ëmmer kënnen erlaben eng ganz Tâche ze hunn, mä op verschiddene Plazen e puer Stonnen an der Woch aushëllefen. Och si hunn en Usproch op déi wäertvoll Zäit e puer Méint no der Gebuert oder an den éischte Liewensjore méi Zäit fir hir Kanner ze investéieren an duerfir gi si an de System integréiert. Dat ass eng Mesure vu sozialer Gerechtegkeet an et ass an der Logik vun der Lutte géint Kanneraarmut.

D'Reform vum Congé parental an déi geplangte Changementer am Beräich vun der Kannerbetreiung si Mesuren, déi Lëtzebuerg nohalteg veränneren. Och hei si mir um richtege Wee fir e System ëmzesetzen, deen den Ufuerderungen an de Realitéiten, mat deenen d'Eltere konfrontéiert sinn, gerecht gëtt.

Mir mussen eis bewosst sinn, dass d'Gesellschaft sech geännert huet a weider ännert. D'Politik huet d'Aufgab Äntwerten ze ginn a Léisungen ze offréieren, wou Léisungen dringend gebraucht ginn. Een esou ee Beräich ass de Logement. D'Regierung huet hir Efforten an der Wunnengsbaupolitik nach verstäerkt a mir ginn de Wee konsequent weider fir d'Offer an d'Luucht ze setzen an och selwer Wunnengen zu abordable Präisser ze offréieren. De Staat huet iwwer SNHBM a Fonds du Logement déi richteg Méiglechkeeten, se mussen awer voll genotzt ginn. De Staat muss hëllefen de Marché ze entlaaschten an duerf net selwer

d’Präisser mat an d’Luucht dreiwen, ewéi dat an de leschte Joren och dacks de Fall war. E Beispill, wou mer déi Entwécklung gestoppt hunn ass um Niveau vum Fonds du Kirchberg. Bei zwee geplangte Wunnengsbauprojetë gouf festgehalen, dass en Drëttel vun de Logementer vu private Promoteurë realiséiert gëtt, awer zu engem maximalen Duerchschnëttsmetercarréspräis vu 4.200 Euro duerf verkaf ginn. Dat sinn iwwer 40% ënnert dem aktuelle Marchéspräis an där Géigend. Déi aner zwee Drëttel vun de Wunnenge gi vun der SNHBM gebaut an duerno zu engem Präis vun an der Moyenne 3.250 Euro verkaf – also iwwer 50 % ënnert dem Marchéspräis. En contre partie vun deenen attraktive Präisser gi Regele festgeluecht, déi Spekulatioun mat deene Wunnenge solle verhënneren. D’Projetë “Réimerwee” a “John F. Kennedy” ginn nach virum Summer presentéiert, et wäerten hei iwwer 830 nei Wunnengen entstoen. Dat si konkret Aktiounen a konkret Projeten, wou d‘Regierung en anere Wee geet, ewéi dat bis elo de Fall war.

D’lescht Woch huet de Regierungsrot en anere Projet ugeholl, deen deene méi Schwaachen an eiser Gesellschaft hëlleft. Mat engem neie Gesetz iwwert d’Subventioun vum Loyer fir Stéit mat engem nidderegen Akommes, hëllefe mer deenen, déi et trotz vill Méi ganz schwéier hunn. Kuerzfristeg awer musse mer och Méiglechkeete schafe fir dass Leit mat engem nidderegen Akommes um Privatmarché eng Wunneng fannen a kënne lounen. Mat der neier *subvention loyer* kann engem Stot, jee no Kompositioun tëscht 125 an 240 Euro pro Mount Ënnerstëtzung fir de Loyer accordéiert ginn. Op dës Manéier kréie Leit mam Mindestloun substantiell gehollef. Et ass an engem gewëssene Sënn eng däitlech Erhéijung vum Mindestloun, ouni dass dat op Käschte vun eise Betriber oder vun der Kompetivitéit vun eisem Land geet. Et ass eng direkt Hëllef, keng Geldleeschtung, mä eng Sachleeschtung – de preferéierte Modell vun der Regierung.

Eist Haaptuleies muss et awer sinn – an ass et och – de Leit, deenen et manner gutt geet nei Perspektiven ze ginn an hinnen ze hëllefen sech selwer ze hëllefen. Ee vun de Kärpunkten ass a bleift dofir d’Lutte géint de Chômage. D’Regierung schafft hei op zwee Chantieren. Deen een ass dee generellen a laangfristeg sënnvollsten, nämlech optimal Konditiounen ze schafe fir dass nei Aarbechtsplaze kënne kreéiert ginn. Mir sinn och hei um richtege Wee, zemools wat d‘Diversifikatioun vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg betrëfft.

Deen zweete Chantier an der Lutte géint d’Aarbechtslosegkeet ass awer och eng effizient Gestioun an eng optimal Betreiung fir d’Leit, déi vum Chômage betraff sinn. Mir hu vill Effortë gemaach fir zemools deene Jonken en Accompagnement ze offréieren, deen hinne wierklech hëlleft a si derzou opfuerdert och selwer aktiv ze ginn a sech hir Zukunft net zou-mä opzebauen. Mam Ëmsetze vun der *Garantie pour la Jeunesse* gouf e wichtege Schrack gemaach, deen derzou gefouert huet, dass zanter dem Juni iwwer 2.150 Jonker dee Programm vu 4 Méint ganz duerchlaf hunn. Iwwer 70% vun dëse Leit kruten eng Aarbecht, eng Léierplaz oder eng Beschäftegungsmesure offréiert, respektiv si kruten de Wee opgemaach fir sech nees am Schoulsystem kënnen ze integréieren. Vun deene Leit, déi nach keng esou eng Offer kruten, sinn déi allermeescht weider an deem Programm, wou se encadréiert a begleet gi bis och fir se eng adäquat Léisung fonnt ginn ass. Et gëtt kee fale gelooss! Net nëmmen déi Jonk brauchen awer Perspektiven. Och déi Leit, déi scho méi laang aus dem

Aarbechtsliewen eraus sinn, solle nees zeréck an e geregelt Liewe fannen mat enger Aarbecht déi hinnen erlaabt e normalen Alldag ze hunn. Mat enger neier Form vun enger méi personnaliséierter Betreiung schafft d'ADEM ganz konkret dru fir d'Demandeurs d'emploi och individuell kënnen ze suivéieren. Esou gëtt bei der Offer vun Aarbechtsplaze méi nom Profil vum Client gekuckt an et gëtt méi eng héich Wahrscheinlechkeet, dass Employeur an d'Demandeur d'emploi beienee passen. De Lien tëscht de Patronen an deenen déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, muss esou einfach ewéi méiglech an esou gutt ewéi méiglech sinn. Och dofir geet Enn dës Joers en neie "Portail de l'emploi" online, wou déi zwou Säiten onkompliziéiert an onbürokratesch kënnen zesumme gefouert ginn.

Am Kader vun eisem Accord mam Patronat, hu mer festgehalen, dass an den nächsten dräi Joer 5.000 zousätzlech Chômeuren eng Aarbecht fannen. Dat ass en ambitiéist Zil a mir sinn zesumme gefuerdert fir dat ëmzesetzen. De Grondsteen dofir ass geluecht an och hei si mer um richtege Wee.

De Sozialstaat ass ee vun de groussen Aquisë vun eise Virfahren a gëtt haut esou vill gebraucht ewéi zanter Joerzengten net méi. D'Regierung gesäit en héijen Niveau vu sozialer Ofsécherung als Garant fir den Zesummenhalt an der Gesellschaft an als Zeeche vu mënschlecher Solidaritéit. Dernieft wësse mer och, dass de soziale Fridden e wichtegen Atout vun eiser Kompetitivitéit ass. Et ass wichteg, dass een och kann op Hëllef zielen, wa perséinlech Schicksaler, Krankheet oder Invaliditéit derzou féieren, dass eng Persoun net méi fir sech selwer a fir hir Famill ka suergen. Duerfir brauche mir als Gesellschaft e System vu Solidaritéit, deen awer och efficace a laangfristeg muss ofgeséchert ginn. Fir d'Stabilitéit vum System ofzeséchere gëtt och d'Fleegeversécherung reforméiert. Verschidde Mesurë sinn am Kader vum Zukunftspak geholl ginn an et sinn éischt Resultater an déi richteg Richtung erkennbar – ouni dass dat op Käschte vun der Ënnerstëtzung fir déi Betraffe geet.

De Staat huet eng Verflichtung vis-à-vis vun deene Leit, déi op Hëllef ugewise sinn. Dat gëllt fir de soziale Beräich, fir de Fleegesecteur a fir d'Betreiung, et gëllt awer och am Alldag an a Situatiounen, wéi se permanent an iwwerall am Land virkommen. Bei Noutsituatioune musse mer eng séier a qualitativ héichwäerteg Hëllef kënne garantéieren, mir brauchen also e performant a modernt Rettungswiesen. Fir dat ze erreeche gëtt elo en établissement public geschaf an deem all d'Rettungsdéngschter zesummegefouert ginn. Staat a Gemengen zéien hei un engem Strang an organiséiere gemeinsam déi Struktur. Den entspriechende Gesetzprojet gëtt nach dëse Mount mat deene verschiddenen Acteuren diskutéiert a finaliséiert.

**Här President,**

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Mir hunn eng grouss Verantwortung. Net alleng d'Regierung, mä mir allerguerten. Mir hunn eng Verantwortung vis-à-vis vun eiser Geschicht an eng grouss Verantwortung vis-à-vis vun eiser Zukunft. Mir sinn an der Flicht eise Kanner déi beschtméiglechst Ausgangssituatioun ze

schafe fir dass si selwer kënnen decidéieren, wéi si hir Zukunft gestalten. Dofir solle mer eis och drop konzentréieren dat ze erhalen, wat erhale muss ginn a gläichzäiteg nei Fundamenter géissen, déi Bestand hunn. Wann et ëm d'Erhale geet, da betrëfft dat natierlech dat wat eis ausmécht, eise Patrimoine an eis Kultur. Et betrëfft awer och eis sozial Acquisen an et betrëfft eis natierlech Ressourcen, d'Ëmwelt an d'Natur. D'Regierung ass beméit och hei keng Zäit ze verléieren a mir hunn an de leschte Méint Initiativë geholl, déi laang fälleg waren. Dat ass zum Beispill wouer fir de Beräich vun der Waasserqualitéit, wou leschten Hierscht Alarm geschloe gouf wéinst der Pestizidbelaaschtung an eisem Grondwaasser. D'Regierung huet den Asaz vu verschiddene Pestiziden aus dem Mais- an Rapsubau verbueden an no 20 Joer Stëllstand goufen déi éischt Waasserschutzzonen ausgewisen. Beim Ëmsetzen vun Direktiven aus dem Ëmweltberäich si mir net méi Schlussliicht an Europa. Mir sinn um richtege Wee an en neit Naturschutzgesetz gëtt nach dëst Joer déposéiert.

Lëtzebuerg spillt eng ëmmer méi proaktiv Roll, wann et dorëms geet eise natierleche Patrimoine ze schützen an awer och méi virsiichteg mat eise Ressourcen ëmzegoen. D'Energieeffizienz bleift e Sujet, deen eis weiderhi begleet an d'Regierung huet och hei nei Initiativë geholl. Esou ass de Finanzministär amgaangen un engem Modell vu Klimabank ze schaffen, wou virun allem Privatleit ënnert d'Äerm gegraff kréien, wa se an en energieeffizient Bauen oder an d'Sanéierung vun hiren Haiser investéieren.

Och de Staat selwer ass hei an der Flicht an huet eng Virbildfunktioun. Esou hu mer eis en ambitéise Sanéierungsprogramm fir déi ëffentlech Gebaier ginn. An den nächste véier Joer ginn iwwer 225 Milliounen Euro fir déi energetesch Sanéierung vu staatleche Gebaier investéiert. Iwwert dëse Programm kréie mer méi eng héich Qualitéit vun de staatleche Gebaier a mir kënne laangfristeg vill Energie spueren. Dernieft ass et awer och en Deel vun eise Beméiungen am Beräich vun der *Green Economy*, et ginn Dausenden Aarbechtsplazen am Secteur vun der Constructioun an dem Handwierk ofgeséchert a geschaf, de Wirtschaftswuesstem heiheem gëtt massiv gefördert.

**Här Präsident,**

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Et läit nach vill Aarbecht virun eis, mä d'Richtung stëmmt a mir sinn zouversiichtlech, dass mer et zesumme fäerdeg bréngen d'Land op d'Zukunft virzebereeden. D'Regierung mécht dat net en solitaire an och net hannert zouenen Dieren. Et ass eis an de leschte Méint gelongen de Sozialdialog ze relancéieren, Accordë mat Gewerkschaften a Patronat ze ënnerschreiwen an och nees zu dräi un engem Dësch zu konkrete Resultater ze kommen, déi d'Land moderniséieren, eis Kompetitivitéit stäerken an déi sozial Kohäsioun garantéieren. Déi Politik wëlle mir konsequent weiderféieren an déi nächst Etapp, déi mer zesummen ze meeschteren hunn, ass déi vun enger Steierreform. Mir hunn den Ament Gespréicher a Berodunge mat deene verschiddene Partner. D'Regierung ass beméit eng Reform auszeschaffen, déi zu engem einfachen an transparente Steiersystem féiert, dee Rücksicht hëllt op déi sozial Gegebenheete vun eisem Land, genee esou wéi op d'Spezifizitéite vum

Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg. Dat ass eist Zil an dat ass de Wee, dee mer ageschloen hunn.

Lëtzebuerg ass e Land, wéi keen anert op der Welt. Mir hunn eis eege Geschicht, eis Kultur an eis Gewunnechten. Mir sinn e Land, wou vill Nationalitéiten a Kulturen niefteneen a mateneen existéieren. Mir bréngen et fäerdeg ze vernetzen an ze verbannen, Brécken ze bauen an no vir ze kucken. Mir sinn e Land vun der Erneierung an hu Krisen iwwerstan fir gestäerkt eng Zukunft opzebauen. Dat ass et, wat mir sinn a wa mer wëlle bleiwe wat mir sinn, da gëllt et sech zesummen dofir ze engagéieren.

* * * * * * *